ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4494**
Reçue le 15.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Am Déifferdenger Gemengerot vum 29.4.2021 (https://differdange.lu/conseil/conseil-communal-du-28-avril-2021/) gouf vun der Oppositioun d'Fro opgeworf wéi wäit d'Gemeng beim Finanzement vun diverse Studien zu engem geplangte Wandpark bedeelegt war. Als Äntwert koum dunn dat d'Gemeng Déifferdeng bis ewell wäit iwwert eng hallef Millioun Euro zu allen Etudë vun engem private Promoteur bäigesteiert huet, dëst ouni Garantien, datt de Projet iwwerhaapt realiséiert ka ginn an och ouni Garantie, datt am Negativen des ëffentlech Gelder un d'Gemeng mussen zeréckbezuelt ginn. Dat Ganzt gëtt motivéiert duerch Informatiounen aus dëse Studien, déi fir d'Gemeng vun Interessi kënne sinn. Dëst ka sécherlech de Fall si fir faunistesch Etuden, beim Gros vun den Etudë geet et em Wandstudien, Foragen zum Ënnergrond oder soss Ënnersichunge wéi Kaméidissimulatiounen oder Schattenwurf, déi bei esou engem Projet am Kader vun Betribsgeneemegungen néideg sinn, allerdéngs fir eng Gemeng an hir Bierger ausserhalb vun esou engem konkrete Projet irrelevant sinn.

Weiderhin ass et esou, datt am Code civil beim Planze vun Héichstämmbeem en Ofstand vun 2 m zum Noper muss respektéiert ginn (Art. 671), fir Nuisancë bei Drëttpersounen ze vermeiden. Wéi ass d'Situatioun beim Opriichte vu Wandmille vu méi wéi 200 m Héicht par Rapport zu der Voie publique, respektiv zur Proprietéit vun Drëttpersounen, ëmsou méi bei esou engem kontroverse Projet wéi dee genannten zu Déifferdeng, wou des Wandmille sollen uewerhalb vun alen ënnerierdesche Galerien opgeriicht ginn?

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Banneminister gär des Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Madamm Minister hei den Fait, datt d'Gemeng e groussen Deel vun den Etuden fir en Privatpromoteur finanzéiert?
2) Kënne Gemengen Etuden zu Projete vu Privatpromoteure matfinanzéieren, wou se a priori net Deel vum Projet sinn a wou en Deel vun dësen Etudë keen direkten Notze fir eng Gemeng an hir Bierger huet?
3) Wat sinn d'Mindestofstänn vun esou Wandmille par Rapport zum ëffentleche Raum, respektiv par Rapport zu de Proprietéite vun Drëttpersounen, fir kënnen all Nuisancen a Risiken auszeschléissen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 15 juillet 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 4494 du 15 juin 2021 de l'honorable Député Fred Keup concernant les études financées par la commune dans le cadre de la construction d'un parc éolien**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°4494 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Études financées par la commune dans le cadre de la construction d'un parc éolien"**

**1) Wéi beuerteelt d'Madamm Minister hei den Fait, datt d'Gemeng e groussen Deel vun den Etuden fir en Privatpromoteur finanzéiert ?**

Grondsätzlech spillt d'Wandkraaft zu Lëtzebuerg eng wichteg Roll, an d'Gemenge kënnen dozou bäidroen, dës Form vun Energie ze promouvéieren.

Den Déifferdenger Gemengerot huet a senger Sëtzung vum 26. Mäerz 2014 eestëmmeg eng Konventioun ugeholl, fir de Projet vun der Installatioun vu Wandmillen zesumme mat enger Sociétéit ze realiséieren.

Déi Konventioun hält fest, dass um Territoire vun der Gemeng Déifferdeng Terrainen als Standuert fir d'Produktioun vun elektrescher Energie analyséiert ginn en vue vun der Implantatioun vu Wandrieder, déi d'Gemeng zesumme mat besoter Sociétéit soll realiséieren.

D'Käschte fir d'Etude ginn zu jeeweils 50% vun der Gemeng an der Sociétéit gedroen. Am Fall, wou de Projet rentabel ass an all noutwenneg Autorisatioune kritt, fir Wandrieder z'installéieren, gëtt zesumme mat der Sociétéit eng Bedreiwergesellschaft gegrënnt, déi der Gemeng déi bis dohin engagéiert Käschten zréckbezillt oder dës als Apport vun der Gemeng an d'Gesellschaft considéréiert.

Falls et net zu der Realisatioun vum Projet kënnt, ginn d'Etuden alleguerten an de Besëtz vun der Gemeng, ouni dass d'Sociétéit e Recht op e Remboursement vun de bis dohin engagéierte Fraisen huet.

Et kann een ënnert dëse Konditiounen net vun engem Finanzement vun der Gemeng zu Gonschte vun engem Privatpromoteur schwätzen.

**2) Kënne Gemengen Etuden zu Projete vu Privatpromoteure matfinanzéieren, wou se a priori net Deel vum Projet sin a wou een Deel vun dësen Etude keen direkt Notze fir eng Gemeng an hir Bierger huet?**

Sou eng Operatioun ass a priori net am kommunalen Interessi an domat fir eng Gemeng net denkbar.

**3) Wat sinn d'Mindestofstänn vun esou Wandmillen par Rapport zum ëffentleche Raum, respektiv par Rapport zu den Proprietéite vun Drëttpersounen, fir kënnen all Nuisancen a Risiken auszeschléissen?**

Lëtzebuerg huet um nationalen Niveau keng spezifesch Reglementatioun fir d'Autorisatioun vu Wandrieder a reegelt déi Thematik iwwert déi allgemeng gülteg Texter, notamment :

- *Loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ;*
- *Loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;*
- *Loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement ;*
- *Règlement grand-ducal modifié du 15 mai 2018 établissant les listes de projets soumis à une évaluation des incidences sur l'environnement ;*
- *Loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles.*

Um lokalen Niveau ginn natierlech och déi urbanistesch Reglementatioune vun de Gemengen ugewant. Allerdéngs gi Wandrieder bal ëmmer an der Zone verte opgeriicht, wou et keng Bestëmmungen zu den Distanze ginn.

Dëst bedeit awer net, dass d'Opriichte vun engem Wandrad guer net encadréiert ass. Am Kontext vun de Studien a Consultatiounen, déi am Virfeld musse gemaach ginn (Ëmweltimpaktetude, *commodo/incommodo* asw.), gëtt gekläert, wéi en Impakt de jeeweilege Projet op d'Ëmwelt an d'Bevëlkerung kann hunn.